



Äntwert vun der Madamm Justizminister Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n°4806 vum 25. September 2026 vum honorabelen Députéierten Dan HARDY zum Sujet "Situation de la prison d'Uerschterhaff"

- 1. Wéi erkläert d'Madamm Minister, datt um Uerschterhaff bannent sechs Méint 68 Prisonéier dobäikomm sinn? Sinn an där Zäit méi Leit an Untersuchungshaft gesat ginn oder gouf d'Dauer vun der Untersuchungshaft verlängert? Wéi eng Zuele leien dozou vir ?**

Well de Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff (CPU) just Persounen an Untersuchungshaft ophëlt, ass den CPU mat enger méi héijer Zuel un Entréeën a Sortië konfrontéiert. Beispillsweis gouf am CPU am Joer 2026 an engem Dag ee Maximum vun 10 Entréeën an an engem aneren Dag e Maximum vun 13 Austrëtter enregistréiert.

Eng Analys vun den Entréeën a Sortien an de leschte Joren, am Aklang mat de vum Europarot ([Comité Européen pour les Problèmes Criminels](#)) festgeluechten Definitionen ergëtt folgend Zuelen:

	2023	2024	2025	2026*
entrées	820	844	985	925
sorties	631	651	677	591

**données du 19/10/2026*

Am September 2026 louch d'Zuel vun den Entréeën am CPU schonns iwwer där vum ganze Joer 2024. Wann dës Entwécklung sech bis Enn vum Joer géif confirméieren, kéint de CPU fir d'Joer 2026 op ronn 1.233 Entréeë kommen, wat eng Hausse vun ongeféier 25 % par rapport zum Joer 2025 géif bedeuten.

D'Entwécklung vun den Entréeë léisst awer net op eng Verlängerung vun der Dauer vun der Untersuchungshaft schléissen. D'Berechnung laut *Indicateur de longueur de la détention* (IALI) vum Europarot vun der Duerchschnëttsdauer vum Openthalt am CPU zënter 2023, weist nämlech, datt dës iwwer déi ganz Referenzperiod praktesch onverännert bliwwen ass:

	2023	2024	2025	2026*
IALI (en mois)	3.5	3.7	3.6	3.6

**valeurs calculées au 19/10/2026*

Dës Donnéeë weisen deemno, datt den Zouwuess vun der Prisongspopulatioun am CPU virun allem duerch eng Erhéijung vun den Entréeën an net duerch eng Verlängerung vun der Dauer vun der Untersuchungshaft erkläert ka ginn.

- 2. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt zousätzlech Better um Uerschterhaff opgestallt goufen? Wa jo, wéi vill a wou?**

Jo, een zousätzlecht Bett ass an enger Duebelzell installéiert ginn an d'Installatioun vun 20 weideren Etagbetter ass elo fir Enn Oktober 2026 an Zelle virgesinn, déi sech dofir eegnen. D'Kapazität vum CPU klëmmt doduerch nach vun 417 op 437.



3. Goufe Prisonéier, déi aus Séchertheetsgrënn oder am Interessi vun der Enquête hätte misse getrennt bleiwen, wéinst dem Plazmangel zesummen ënnerbruecht ?

Nee, Trennungsmoossnamen déi sech aus Séchertheetsgrënn oder am Interessi vun der Enquête imposéiere ginn agehalen.

4. Wéi vill Prisongsugestallter sinn aktuell pro Schicht um Uerschterhaff am Asaz ? Wéi vill waren et der am Mäerz 2026 ? Wéi huet sech d’Zuel vun den Iwwerstonnen an där Zäit entwéckelt ?

Et ass net méiglech, eng präzis Oplëschtung vum Personalbestand pro Schicht ze ginn. Dëst erkläert sech doduerch, datt engersäits no engem Schichtsystem geschafft gëtt, deen op dräi Schichte pro Dag opgebaut ass, an anerersäits dann en Deel vum Personal nom Horaire mobile schafft, déi zu ënnerschiddlechen Zäiten ufänken an ophalen. Dobäi kënnt, datt och eng Rei extern Intervenanten, notamment am medezineschen, techneschen oder anere spezialiséierte Beräicher, deeglech am CPU am Asaz sinn, ouni zum eigentleche Personalbestand vum CPU ze gehéieren.

Wat allgemeng d’Effektiver am CPU betrëfft, sief op dësen Tableau (an d’Erklärungen an der Äntwert op d’parlementaresch Fro Nummer 4807) verwisen:

	2022	2023	2024	2025	2026**
Personnel : Total en équivalents plein temps (ETP)	259.2	351.5	355.5	352.35	357.15
Dont personnel de surveillance	177.6	247.8	253.4	243.4	251.05

Dobäi ass ervirzehiewen, datt virun der Ouverture vum CPU e Besoin vun 236 Vollzäitäquivalenter (ETP) am Beräich vun der Iwwerwaachung festgeluecht gouf. Dëse Referenzwäert gëtt och aktuell agehalen. Aktuell sinn och 38 Poste fir Agente vun der Prisongsverwaltung ausgeschriwwen.

Un der Besetzung vun de Schichten huet sech säit Mäerz 2026 näischt geännert. Wat d’Iwwerstonnen ubelaangt, goufen tëschent Januar a Mäerz 2026 an der Moyenne 120 Iwwerstonne pro Mount bei den Agents pénitentiaires gelescht. Tëschent Abrëll a September 2026 ass dës Moyenne op 304 Stonne pro Mount eropgaangen.

5. Wat huet d’Analys vun den aacht Aggressiounen, déi et 2025 géint d’Prisongspersonal gouf, bis elo erginn ? Goufe Schwaachstelle bei der Sécherheet festgestallt, a wa jo, wat gouf zënterhier geännert, fir d’Personal besser ze schützen ?

All Incident am Milieu carcéral gëtt analyséiert fir eventuell den Dispositif de sécurité ze verbessern. Dëst geschitt dann ënnert Anerem a Form vun Adaptatioune vun den Déngschtweisungen, bei de Formatioune fir d’Agenten, awer och vun anere spezifesch Moossnamen.



6. Wat ass konkret virgesinn, fir den Uerschterhaff ze entlaaschten, wann och zu Schraasseg kaum nach Plaze fräi sinn ? Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill Plazen duerch déi annoncéiert Mesuren dobäikomme wäerten, a wéi enge Prisongen a bis wéini ?

Aktuell ginn d'Pisten, déi sech an de verschiddenen Hypotheesen erginn, analyséiert an affinéiert. Wann d'Commission d'analyse critique (CAC) eng Decisioun iwwert de Projet "Réhabilitation du CPL" geholl huet, wat eng entscheidend Inzidenz op déi verschidde méiglech mëttelfristeg Zenarioe fir de CPL a CPU huet, kënnen zäitno gëeegent Léisungsvirchléi ënnerbreet ginn, fir esou séier wéi méiglech d'Capacités eropzesetzen. Dës Decisioun beaflosst deemno d'Moossnamen zur Erhéijung vun de Bettunzuel am Allgemengen.

Och solle legislativ Initiativen, wéi de Gesetzesprojet zur Comparution accélérée, d'Prozedure viru Geriicht beschleunegen.

Lëtzebuerg, den 27. Oktober 2026

D'Justizministesches

(s.) Elisabeth Margue